

wëll soen, dass de Finanzement vum Ajusement duerch d'Beiträg geséchert ass. Ech wëll bestätegen, dass mer an deenen nächste Méint wäerte Kenntnis huele vun deene Konkusioun vum Tripartite-Aarbechtsgrupp.

Ech wollt just nach zwee Wieder soen iwwert deen anere Projet, deen e wichtige Projet ass, dee méi Kohärenz an eise Pensiounssystem erabrénge, well en eng Rei vun Électrons libres an de Régime général mat erabrénge.

Ech wollt och dem Paul-Henri Meyers op seng Fro äntwerten, ob d'aktuell Interpretatioun vum Artikel 173, Alinea 3 duerch dat Gesetz hei hypothekéiert ass. Ech kann dem Paul-Henri Meyers soen, dass et net hypothekéiert ass.

Ech wollt just nach soen, dass duerch déi Upassung vun der Mammerent, der Selektivitéit oder Netselektivitéit vun der Mammerent, un d'europäesch Rechtslag, dass do kéinten an der Theorie 5.000 Frae betraff sinn, dass mer missten an der Theorie, wa se alleguer géifen dorop Ussproch erhiwen, mat Méibelaaschtungen ëm néng Milliounen Euro rechnen. Mä dat si ganz theoretesch, hypothetesch Analysen.

Ech wëll och soen, dass déi Fro vum Paul-Henri Meyers, ob mer kënnen driwwer nodenken, fir d'Mammerent an Zukunft net beim effektiven, mä beim legale Rentenalter spillen ze loossen, dass dat effektiv eng Iwwerleeung ass, déi een a Rou mat allen Implikatiounen soll féieren.

An deem Sënn wëll ech der Chamber en härezeche Merci soe fir déi Unanimitéit beim Rentenajustement, dee mer alleguer dann de Pensionéierten an den Unfallrentenempfänger vum 1. Januar u gënnen.

Villmools Merci!

» **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Braz?

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Selbstverständlech.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här Minister. Dir hutt jo de Moien, ech weess net, eng hallef Dose Mol dovunner Gebrauch gemaach...

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Dir däreft elo esou vill froen, wéi Der wëllt, wann ech vum President keng...

» **M. le Président.** - Neen, neen, esou geet dat net. Här Braz, stellt elo Är Fro an da schlësse mer of.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech maachen et kuerz.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Da kréien ech awer Parole après député.

» **M. le Président.** - Här Braz, stellt elo Är Fro, wann ech gelift.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Just zwou Remarquen. Déi éischt, Här Minister, fir nach eng Kéier ze soen, dass mir net domat d'accord sinn, wann Dir den Zoustand vun de Reserve gläichstellt mat eisem Pensiounsregime. Esou einfach ass et net. Dat ass ëmmer nëmmen een Deel vun där Diskussioun, an Dir beschränkt lech déi ganzen Zäit dorop ze soen: Dat sinn d'Reserven, ergo ass alles an der Rei.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Dat ass Kapital, wat mer op d'Säit geluecht hunn.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Déi zweet Remarque. Dir verweist drop, Här Minister, dass de Ratio tëscht den Aktiven an de Bénéficiairë sech d'lescht Joer positiv entwéckelt huet. Dat ass awer net zréckzuféieren op Mesuren, déi an Ärem Haus geholl gi wieren. Dat ass zréckzuféieren op d'Entwécklung vun der Wirtschaft, a mer wëssen elo schonn, dass et 2009 zum Beispill aller Wahrscheinlechkeet no anescht wäert sinn. Dorop kënne mer eis also net baséieren, fir laangfristeg ze behapten, et wier keen Handlungsbedarf.

Drëtten Punkt. Dir hutt eis d'Fro gestallt, Här Minister, wat mir da wëlle maachen, d'Cotisationsen erhéien oder d'Leeschungen kieren. Meng Fro un Iech ass: Beschränkt sech Är Fantasie an deem dote Beräich op déi zwou Mesuren? Eis net. Mir kënnen eis aner Mesurë virstellen, wéi nëmmen déi dofen.

Véiert Remarque, fir Iech ze soen, Här Minister, soubal déi Zuelen dann um Dësch leien - well dorëms geet et, dass Dir déi zouen Diere vum Rentendësch 2 opmaacht a jiddwereen a Kenntnis setzt vun deem, wat do vun Zuelematerial existéiert -, da si mir als gréng Fraktioun mat an der éischter Rei, fir derfir ze suergen, dass de Rentensystem laangfristeg kann ofgeséchert ginn. Wann et dorëms geet, dass mer eis Aen zoumaache bis zu de Wahlen op deenen dote wichtige Froen, da wäerten DÉI GRÉNG och an der éischter Rei stoen, fir dat ze dénoncéieren.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, ech probéieren da ganz kuerz ze sinn. Ech wëll just drop hiweisen, dass d'Reserven e Kapital sinn, dat mer fir d'Zukunft uleeën. Et ass eigentlech d'Kapitaliséierungsstandbeen fir eise Regime, deen nom Émlageverfahren opgebaut ass, an dass ech selbstverständlech eis Pensiounsregime net nëmmen un der Reserv moossen.

Dat Zweet, wat den Här Braz gesot huet, ass carrément falsch, dass d'Regierung näischt domat ze dinn hätt, dass d'Belastung vun deene Pensionéierte par rapport zu deenen Aktiven zréckgaange wär. Dat ass falsch, well des Regierung d'Neiregelung vun der Invaliditéit och zesumme mat hire Virgänger gemaach huet, wou d'Leit vill manner schnell aus dem Aarbechtsmaart ausscheede wéi bis elo. Den Duerchschnittsalter vum reelle Pensiounsalter ass an deene leschte puer Joer vu 57 op 59 Joer eropgaangen. Dat dréit dozou bäi, dass de Coefficient de charge zréckgeet. Et ass also wuel eng politesch voluntaristescht Aktioun gewiescht, déi ech mer ganz gär deele mat mengem Virgänger, dem Carlo Wagner, well hien et preparéiert huet, an ech hunn et finaliséiert an a Kraaft gesat.

Duerfir kommt mer also net, dass d'Regierung näischt domadder ze dinn hätt!

Moossnamen? Wësst Der, wann Dir an der Verantwortung sidd, an dat sidd Dir um nationale Plang net, da geet et net nëmmen duer fir ze soen, et misst een eppes anescht maachen, da muss een och mat konkrete Propositionen kommen. Ech hu gesot, wat mer gemaach hunn, fir de Regime ze verbesseren: Do waart Dir net dru bedeelegt.

Merci.

» **M. le Président.** - Här Minister, et ass alles gesot. Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun deenen zwee Projeten. Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet 5941.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5941 et dispense du second vote constitutionnel

Déi animéiert Debatten hunn net verhënnert, dass de Projet de loi 5941 eestëmmeg ugeholl ass mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmme dann of iwwert de Projet 5839.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5839 et dispense du second vote constitutionnel

Och dëse Projet ass mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Christine Doerner), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Ofännerung vum Wahlgesetz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marco Schank.

2. 5859 - Projet de loi portant modification

1. de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

2. de la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Marco Schank (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Projet de loi ass de 25. März vun dësem Joer vum Innenminister déposéiert ginn. De Statsrot huet zwee Avisen dozou formuléiert. Een éischten den 11. Juli dëst Joer, en zweeten den 9. Dezember, dat war virun enger Woch. D'Commission nationale pour la protection des données huet den 28. Oktober 2008 een Avis erageeicht, an an der Chamberkommissioun hu mer eis eng éischte Kéier an enger Réunioun vum 18. Juni dëst Joer mam Text befaasst. An de Reunioun vum 9. a 16. September hu mer eis mam Avis vum Statsrot auserneegesat, an de 27. November respektiv den 2. Dezember hu mer eng Rei Amendementer ugeholl, wéi scho gesot, déi den 9. Dezember vum Statsrot aviséiert goufen. Den 11. Dezember huet dann d'Chamberkommissioun dësen Avis complémenteaire ënnert d'Lupp geholl a mir hunn och de virleiende Rapport guttgeheescht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, wourëms geet et elo bei dësem Projet de loi?

Mä mat dësem Text änneren a complétiere mer engersäits d'Wahlgesetz an anerersäits den Artikel 35 vum Gesetz iwwert de Referendum. Dat ofgeännert Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 ass déi éischte Kéier bei de Chamber- an Europawahlen 2004, den 13. Juni, zum Asaz komm respektiv e Joer méi spéit och bei de Gemengewahlen.

Dat, wat mer elo änneren, resultéiert enger-säits aus der Experienz vun deene Wahlen,

mä awer och aus dräi Propositionen de loi, am Kontext Loi électorale. An zwar déi éischt Proposition de loi 5575 vun der Madame Err an dem Här Fayot, déi Proposition, déi virgesinn huet, den Délai d'inscription vun den Netlëtzebuerger op de Wahllëschten ze verlängeren an d'Residenzdauer vu fënnef op zwee Joer erfzesetzen. An dann als Zweet och d'Gesetzespropositione 5668 a 5669 vun der Madame Brasseur, mam Zil, d'Prozedur fir den Envoi vun de Convocatiounen fir d'Wahle respektiv de Referendum méi einfach ze maachen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e kuerze Réckbléck op de Verlauf vun dësem Projet, vun der Virgoensweis zënter sengem Dépôt. Wéi de Regierungsrot am Februar dësen Text guttgeheescht huet, war festgehale ginn, datt e soll zesumme mam Gemeengegesetz evakuéiert ginn, well déi zwee Texter eendeiteg eng Complémentaritéit opgewisen hunn. De Statsrot huet dës Meinung awer wuel net gedeelt, well hie säin Avis fir d'Wahlgesetz am Juli dëst Joer schonn ofginn huet, deen zum Gemeengegesetz awer eréischt dee leschte 25. November.

A sengem Avis zum Wahlgesetz, also den 5859, huet déi héich Kierperschaft sech dofir ausgeschwat, verschidden Dispositiounen zu de Gemeengeconseillere erauszehuelen a se am Gemeengegesetz, also am 5858, ze verankeren. A sengem Avis zum Gemeengegesetz vum 25. November huet de Statsrot sech ganz décidéiert an eben och formell géint d'Prozedur opposéiert, fir de Buergermeeschter an d'Schäfte vun de gewielte Kandidaten stëmme ze loossen - dat ass déi berühmte „Assemblée des élus“, wéi se ursprüngelech virgesi war -, an dat ouni eng Proposition de texte ze maachen. Folglech muss dësen Text - do ware mer eis alleguerten eens an der Kommissioun - reconsidéiert ginn, wat natierlech dann erëm eng laangwiereg Geschicht gëtt, a wat een net soll an och net däreft iwwert de Knéi brieche.

Engersäits konnt d'Chamberkommissioun dem Statsrot seng Argumentatioun novollzéien a war doduerch et averstanen, fir déi Dispositiounen, also alleguerten déi, déi mat de Gemengen zesummenhänken, aus dem Projet vum Wahlgesetz erauszehuelen. Op där anerer Säit ass et awer néideg, datt d'Wahlgesetz fir den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, an duerfir soll dann elo aus deenen Artikelen, déi den „Livre III.-Des corps communaux et des élections communales“ sollen ofänneren, ee separaten Text gemaach ginn. Dëst virun allem am Kontext vun der Problematik vun den Incompatibilitäten.

Ech hu gesot, mir brauchen dëse Projet esou séier wéi méiglech. Do ware mer eis an der Kommissioun eens, well déi wichtegst Ëmännerung déi ass vun der Réouverture vun de Wahllëschten, fir eben den Netlëtzebuerger d'Méiglechkeet ze ginn, sech op dëse Lëschten anzeschreiwen, notament fir d'Europawahlen de 7. Juni 2009. Derbäi kënnt, datt eng entsprechend Sensibiliséierungscampagne schonn a Virberedung ass vun deem zoustännegen Ministère, an et eben och wichtig ass, datt genuch Zäit bleift, fir mat Hëllef vun där Campagne ze sensibiliséieren, esou datt déi och hir Frichte dréit.

Derbäi kënnt, datt d'Wahlgesetz och misst fir den 1. Januar 2009 a Kraaft trieden, well duerch d'Nationalitéitgesetz eng Partie Leit, ab deem Dag, Lëtzebuerger gi respektiv mussen d'office op de Wahllëschte vun de Gemengen ageschriwwen ginn. Ech erënnere do just un den Artikel 1 vun eben deem Nationalitéitgesetz, wat mer viru kuerzem gestëmmt hunn, Paragraph 5, dee seet, datt ee Kand, dat vun net Lëtzebuerger Elteren zu Lëtzebuerg gebuer ass, Lëtzebuerger ass, wann ee vun deenen zwee um Territoire vun eisem Land gebuer gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz opzezielen, wat déi wichtegst Punkten an dësem Gesetzestext sinn. Et sinn der insgesamt siwen. Siwe Schwéierpunkten, insgesamt éischter méi technesch Ännerungen.

Dat Éischt, a wuel dat Wichtigst, ass d'Verlängerung vun der Aschreiwungsfrist fir Netlëtzebuerger op de Wahllëschten. Ech mengen, datt déi Neierung wierklech wesentlich ass fir eben d'Ressortassantë vun den aneren EU-Memberlänner, déi sech op d'Wahllëschte fir d'Europawahlen aschreiwe wëllen, respektiv fir d'Auslänner, déi sech op d'Leschte fir d'Gemengewahlen aschreiwe wëllen. Dës Délaie ginn elo bis den 13. Freideg virun de Wahle verlängert, dat heescht ëm ronn dräi Méint. D'Leschte ginn de 86. Dag virun de Wahle provisoresch arrétéiert. Da leie se aus bei de Gemenge bis den 79. Dag, an 72 Deeg virun

de Wahle ginn d'Lëschten dann definitiv clôturéiert. Mat deem Geschéck ginn dann d'Aschreiwungsfristen ëm eelef Méint fir d'Europawahle respektiv souguer 15 Méint fir d'Gemengewahle verkierzt.

En zweete Schwéierpunkt sinn d'Procédure de réclamation an de Recours géint d'Wahlleschten. Duerch deem neien Text kann dës Prozedur mat Zäit virun de Wahlen oflafen. Wat d'Voies de recours ugeet, esou proposéiert deem neien Text, datt net méi de Friddensrichter soll heifir kompetent sinn, mä den Tribunal administratif. Dernieft huet ee selbstverständlech d'Méiglechkeet, och Appel virun der Cour administrative ze maachen.

En drëtte Beräich betrëfft d'Residenzdauer. Amplaz vu fënnef Joer mussen d'EU-Ausländer vum elo u just nach zwee Joer hei am Grand-Duché wunnen, fir datt se un den Europawahle kënnen deelhuefen.

Eng véiert Neierung: Et gëtt elo eng legal Basis fir de Bureau centralisateur gouvernemental geschaf. Dëse Büro huet als Mission, an de Wahlbüroen eng Kopie vun de Wahlresultater ze kollektéieren, fir déi offiziell Resultater ze berechnen a se dann duerno der Öffentlechkeet och via d'Medien ze presentéieren. Bis elo ass dëse Büro ad hoc agericht ginn. Duerch dës Textännerung kann dëse Büro elo seng Missionen ënner optimale Konditione erfëllen.

Dann e fënnefte Schwéierpunkt, an domat och e Wuert zur Lettre de convocation, wou eng Vereinfachung vun der Prozedur stattfënnt, wéi ech et scho gesot hunn. Vun elo u fällt de Récépissé respektiv den Accusé de réception ewech am Kontext vun der Lettre de convocation, een einfache Brëif via Postwee geet duer. Dës Lettre de convocation huet dann och just e reng informative Charakter. Et geet dann duer, wann ee sech um Wahltag mat sengem Pass oder senger Carte d'identité am Wahlbüro presentéiert.

E sechste Schwéierpunkt ass deem, datt duerch dëse Projet de loi dann och d'Méiglechkeet entsteet, Observatoire vun internationalen Organisationsen ze invitéieren op eis National- respektiv Europa- oder Gemengewahlen, deemno Beobachter vun internationalen Organisationsen vun deene Lëtzebuerg och Member ass.

E leschte Schwéierpunkt ass dee vun de Fichiers électroniques. Wéi Der wësst, gesäit eist Wahlgesetz am Moment vir, datt d'Wahlleschten a Pabeierform gehale ginn an och geännert ginn. Haut ass et jo awer esou, datt eng effikass Gestiou vun de Wahlleschte mat informatésche Moyenë vun de Gemeengeverwaltunge muss méiglech sinn. Aus dësem Grond kënnen a Zukunft all d'Mises à jour vun de Wahlleschte souwuel um Pabeier wéi eben och iwwer elektronesch Fichiere gemaach ginn. D'Gemenge kënnen deemno wielen, wéi se et wëlle maachen. Et ass awer esou, hu mer festgehalen, datt déi Lëschte fir d'Inspektioun fir d'Leit, also vun de Leit fir de Public, op jidde Fall op Pabeier musse gedréckt ginn.

Här President, zum Schluss vläicht nach eng Prezisioun zu deem leschte Punkt. Mat dëser Mesure gëtt selbstverständlech net de Vote électronique an eisem Wahlsystem agefouert. Et gëtt nämlech, eises Wëssens, nach kee performanten informatésche System, deem de Speziifitéit vun eisem Wahlsystem kënn Rechnung droen. Sollt et eng Keier esou Programmer ginn, wier et och sënnvoll, fir doriwwer nozedenken. Soulaang wéi dat awer net ass, bleift deem ale System en vigueur. Esou vill, wéi gesot, zu de Points saillants.

Op deem éischten Avis vum Statsrot sinn ech ganz am Ufank vu mengem Rapport agaangen. Ech erspueren lech op dëser Plaz elo déi weider Detailer vun dem Avis complémentaire vum Statsrot, wou no den Amendementen vun der Chamberskommission esou wäit dann och Averständnis war, esou datt mer deem Text och haut esou konnten unhuelen.

Wéi gesot, ech war frou als Rapporteur, datt iwwert d'Fraktiungsgrenzen eraus an der Kommission e breede Konsens war, fir méiglechst séier mat deem Projet virunzekommen, aus deene Grënn, déi ech virdrun am Detail duergeluecht hunn. Zum Schluss e Merci un all d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter souwuel aus dem Sekretariat vun der Chamber wéi och aus der Fraktioun, virun allem awer och deene Mataarbechterinnen aus dem Ministère, déi wirklech eng wesentlech Hand mat ugepaakt hu bei dësem Projet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schank. Den éischte Riedner ass den Här Roth. Den Här Roth huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt dem Marco Schank, dem Rapporteur, Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Bericht. D'Wahlrecht ass e Grondrecht. D'Wahlrecht an d'Wahlprozedur gehéieren zu den Eckpfeiler vun enger Demokratie. Wie wielen därerf goen, wie wou ka gewielt ginn, muss kloer geregelt ginn. Dat Regelwierk muss genügend stabil bleiwen. Et muss kloer, onkomplizéiert a kohärent sinn. Allze oft därerf een duerfir net un all dat fréckele goen. D'Ëmännerunge vun dem Wahlgesetz, déi mer haut op de Leescht huelen, maachen eist Wahlgesetz generell méi geschmeideg; praktesch Onzoulänglechkeeten aus der Vergaangenheet ginn ausgebigelt.

Här President, ee politesch Element, an net dat mannst, gëtt et och bei dëser Gesetzesëmännerung. D'Residenzzäit vun Netlëtzebuerger, fir bei den Europawahlen eis sechs Europadeputéiert ze wielen, gëtt vu fënnef op zwee Joer erofgesat. D'CSV seet Jo dozou. Bannent der Europäescher Union zirkuléieren d'Bierger méi einfach a méi oft. Si sollen duerfir méi einfach an deem EU-Land, wou se sech néierloossen, um politeschen Entscheidungsprozess deelhuele kënnen. Fir d'Europawahle gouf 2003 hei am Land d'Residenzzäit fir EU-Bierger, déi iwwert déi sechs Europadeputéiert vu Lëtzebuerg mat ofstëmmen, vu siwen op fënnef Joer reduzéiert. Elo gëtt dës Residenzdauer ëm weider dräi Joer erofgesat.

Verschidde Fraktiounen sinn der Meenung, et sollt een dës Residenzdauer ganz ofschafen. D'CSV respektéiert d'Grënn, déi zu där Meenung féieren. Mir deelen dës Meenung awer net. Fir d'CSV-Fraktioun sinn e Minimum vun zwee Joer hei zu Lëtzebuerg wunnen eng gutt Zäit, fir Land a Leit genügend kennen ze léieren a fir iwwert d'Europadeputéiert vun eisem Land ofzestëmmen. Mat der reduzéierter Residenzzäit vun zwee Joer kréie mer eng éischt Experienz dat nächst Joer bei den Europawahlen. Duerno muss ee kucken, ob ee wëllt e weidere Schrëtt goen oder net. Wichtig ass et jiddefalls, dass d'Leit iwwert dës Neibestëmmung informéiert ginn an dass si vun deem neie Recht kënne Gebrauch maachen. D'CSV ënnerstëtzt dofir d'Sensibiliséierungs-campagne, déi vun der Regierung, an der Familjeministesch am Speziellen, gemaach gëtt.

Här President, wann een engem Bierger een zousätzlecht Recht gëtt, da muss hien dat Recht och kënnen an Usproch huelen. D'CSV begreist duerfir, dass mat dësem Gesetzesprojet den Aschreifdélai, fir sech als Netlëtzebuerger op d'Wielerlëschte vun den Europa- a Gemengewahlen anzeschreien, verlängert gëtt.

Et war schonn e bëssen onverständlech, dass bis elo d'Wielerlëschte fir d'Netlëtzebuerger 14 Méint virun den Europawahlen a souguer 18 Méint virun de Gemengewahlen zou waren. Mat deenen neie Bestëmmunge kann en Netlëtzebuerger sech elo bis 13 Wochen, also ronn dräi Méint virun de Wahlen op d'Wielerlëscht aschreien. Mécht hien dat, muss hie wéi all d'Lëtzebuerger och mat viele goen.

D'Reduktioun vun der Aschreiffrist ass eng wesentlech Neierung. D'CSV ënnerstëtzt dës Vereinfachung ausdrécklech. Et ass vill méi wéi eng Prozedurfro. Et entsprécht dem Wëllen an dem Sënn vun enger méi onkomplizierter a sécherlech méi grousser Bedeelegung vun EU-Bierger um politeschen Entscheidungsprozess.

Dat zielt besonnesch um Plang vun de Gemengewahlen. D'Gemeng betrëfft d'Leit direkt. Hei wëllen déi auslännesch EU-Bierger sech méi an den Entscheidungsprozess mat abannen. Dat ass och gutt esou. Et soll een duerfir prozedural Hürden esou wäit wéi méiglech aus dem Wee raumen.

Här President, am Virfeld vu Wahle kënnst ëmmer nees d'Fro op: Wien därerf d'Wahlleschte kucken? Wien därerf dovunner eng Kopie kréien?

D'Intérieurskommission huet sech dësem heikele Sujet ugehol. D'Wahlgesetz gesäit zënter Laangem vir, dass e Bierger d'Recht huet, d'Wahlleschten ze kucken an dovunner eng Kopie ze kréien. Wéi wäit dëst Recht geet a wéi wäit dëst Recht mat dem Dateschutz vereinbar ass, war net gekläert. D'Kommission huet duerfir en Avis bei der Nationaler Dateschutzkommission ugefrot. Dat Ganz huet zu enger Gesetzesëmännerung gefouert. Dës Prezisioun, iwwert déi mir haut ofstëmmen, schaaft dann och méi Kloerheet.

All Bierger huet e Recht op Asiicht an d'Wahllescht. Dës Asiicht gëtt dem Bierger am Virfeld vun de Wahlen d'Méiglechkeet, ze kontrolléieren, dass hie säi Wahlrecht

och effektiv kann ausüben. All Bierger huet och e Recht, eng Kopie vun der Wahllescht ze kréien.

Dëst Recht huet och eng politesch Partei. De Statsrot leet dëst Recht of aus dem Artikel 32bis vun der Verfassung, wourop d'Parteien hei am Land zum politesche Meenungsprozess bäidroen.

D'Kopie vun der Wielerlëscht kann een ënner enger Pabeierform oder engem elektronesche Fichier kréien. A béid Fäll muss dës Kopie en main propre dem Antragsteller ausgehännegt ginn. Mä och eng Iwwermëttlung iwwer E-Mail ass méiglech, virausgesat et läit eng elektronesch Ënnerschrëft vir an d'Donnéeë si cryptéiert.

Jo, all dat geet wäit, ass awer am Gesetz net nei. Et ass eng Gratzwanderung tëschent der demokratescher Finalitéit vun dem Wahlgesetz an dem Schutz vun de perséinlechen Date vun deem Eenzelnen.

De Gesetzesprojet huet de Mérite, dass en elo fir méi Kloerheet op dëser quokeleger Fro suergt. Well néierens kënnst ee méi einfach un esou prezis Informatiounen iwwert d'Adresse vun de Leit, wéi iwwert d'Wahlleschten.

Et gëtt elo prezisiéiert, an dat ass nei, dass een all Informatiounen, déi een iwwert d'Bierger aus der Wahllescht kritt, nëmmen zu elektoralen Zwecker kann notzen. Dës Donnéeën däreren net un Drëttpersonne wedergi ginn. Si däreren net zu kommerziellen Zwecker mëssbraucht ginn. D'Gesetz verbitt dat elo ausdrécklech.

De Kader ass gesat. Als CSV invitéiere mir den Innenminister am Virfeld vun de Chamberswahlen dat nächst Joer, eng Circulaire un d'Gemengen ze schécken, wou dës nei Bestëmmungen explizéiert sinn, a Richtlinien ze ginn, wéi se an der Praxis sollen ugewannt ginn.

Här President, eng Fro, déi an der Intérieurskommission gestallt gouf, ass déi vun den Auswierkunge vun dem neien Nationalitéitgesetz, dat elo den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, op d'Wahlen.

Dëst Gesetz féiert bekanntlech hei am Land en éischt Element vun dem sougenannten Droit du sol an. E Kand, wat hei am Land vun net Lëtzebuerger Eltere gebuer gëtt, mä vun deem de Papp oder d'Mamm och schonn zu Lëtzebuerg gebuer gouf, ass deem neie Gesetz no Lëtzebuerger. D'Gesetz erlaabt op dësem Punkt eng gewëss Retroaktivitéit an deem Sënn, dass all Bierger, deen tëschent dem 1. Januar 1991 an dem 31. Dezember 2008 hei am Land gebuer gouf oder nach gëtt, also virun dem 1. Januar 2009 nach keng 18 Joer huet, och vun dëser Bestëmmung ka profitéieren. Betraff dovunner sinn tëschent 4.500 à 5.000 Leit.

Dëst huet seng Auswierkungen op d'Wahlgesetz an deem Mooss, dass déijéineg Bierger, déi vun der virgenannter Bestëmmung aus dem neie Wahlgesetz profitéieren, a bannent den éischte sechs Méint am Joer 1991 gebuer goufen, also d'nächst Joer virun de Chamberswahlen 18 Joer kréien, nei bei deene Wahle kënne viele goen. Dat sinn onsen Informatiounen no ronn 200 Leit am Land.

Och hei, mengen ech, ass den Innenminister gefuerdert, fir de Gemengen dat matzedeelen.

Här President, d'Ëmännerunge vun dem Wahlgesetz, iwwert déi mir elo ofstëmmen, sinn net nëmme prozeduraler Natur. Verschiddener hunn och eng méi politesch Bedeutung.

Aner méi schwierig oder delikat Punkte wéi d'Erofsetze vun dem Wahlalter op 16 Joer, de Vote électronique, d'Incompatibilitäten, fir e Gemengemandat auszeüben, sinn net ugepaakt ginn oder nach net ugepaakt ginn. Dat dierft da vläicht an de kommende Méint a Jore méi Kappzerbrieche maachen.

Kee Kappzerbrieche mécht der CSV dëse Projet de loi, an ech ginn duerfir den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Den nächste Riedner ass den Här Etgen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi Modifikatiounen, déi mer haut am Wahlgesetz solle stëmmen, fannen hiren Ursprung a parlamentareschen Initiativen: éischters der Proposition de loi 5575 vun der Madame Err an dem Här Fayot, fir den Aschreiwungs-délai ze verlängeren an d'Residenzklausel vu fënnef op zwee Joer erofzesetzen; an zweetens der Proposition de loi 5668 a 5669

vun der Kolleegin Anne Brasseur, fir déi iwwerliefen Aberuffungsprozedur ze vereinfachen.

Eleng de Fait, datt et sech ëm parlamentaresch Initiativen handelt, maachen dës Modifikatiounen direkt méi sympathesch. D'Regierung wollt awer d'Geleeënheet notzen, fir an dëst Gesetz och nach aner Modifikatiounen anzebauen. Ënner anerem sollte fir déi x-te Keier d'Dispositiounen iwwert d'Incompatibilitäten vun de Statsbeamten, e Gemengemandat ze exerzéieren, nei definéiert ginn. Ännerungen um Wahlgesetz brécht een awer net iwwert de Knéi. An och de Statsrot sot: «Le Conseil d'Etat est d'avis que la matière électorale, en tant qu'elle aménage le fondement de notre système étatique - les élections -, doit bénéficier de stabilité et de constance.»

Als DP-Fraktioun begrëisse mer duerfir ausdrécklech, datt all Modifikatiounen, déi d'Gemengewahlen ugin, zréckgestallt gi sinn, fir dann an där nächster Regierung an aller Rou a mat där néideger Serenitéit diskutéiert ze ginn.

Et muss een och soen, datt d'Regierung hei e bëssen improviséiert hat. Et gëllt an dësem Punkt och opzepassen, fir d'Kohärenz tëschent dem Wahlgesetz an dem Gemengegesetz ze behalen.

Här President, dat soll eis awer net dorun hënnere, fir déi méi oder manner kleng Upassungen, déi de Rapporteur Marco Schank eis am Detail virgestallt huet, virzehuelen. Erlaabt mer dem Rapporteur och Merci ze soe fir säin exzellente mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

An deene leschte puer Méint ass an dësem héijen Haus schrecklech vill iwwert d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger geschwat ginn. D'Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit awer och d'Éducationsgesetz wäeren an dëser Hisiicht extrem wichteg Gesetzer.

Déi eigentlech Bedeelegung vun den auslännesche Matbierger um politesche Prozess geschitt awer haaptsächlech doduerch, datt een u Wahlen därerf deelhuefen.

Ech wëll hei och ausdrécklech dorun erënnere, datt d'Demokratesch Partei sech ausdrécklech derfir ausgeschwat huet, fir d'Europawahle vun den Nationalwahlen ze trennen an esou e richtege politeschen Débat iwwert d'Europapolitik ze kréien.

An der Vergaangenheet ass dësen Débat hei zu Lëtzebuerg ëmmer ze kuerz komm, wat souguer en Afloss op den Zousproch hat, deem d'Land der EU-Politik zoukomme gelooss huet. D'Wahle gi vun de Medien eréischt eng gewëssen Zäit virdrun thematiséiert. Duerfir ass et batter néideg, den Termin, fir sech op d'Wielerlëschten androen ze loossen, esou kuerz wéi méiglech ze halen. Mat dëser gesetzlecher Upassung ass d'DP-Fraktioun voll a ganz d'accord.

Beim Maastrichter Vertrag hat Lëtzebuerg opgrond vu senger spezieller Situatioun mat engem Undeel vun iwwer 20% Ausländer Ausnahmebestëmmungen, wat d'Bedeelegungsmodalitéiten ubelaangen, ausgehandelt. Dat war dee Moment wichteg a gutt. No 15 Joer Experienz stelle mer awer fest, datt an dësem Punkt d'Schrauf soll lassgedréint ginn. Besonnesch d'Residenzklausel ass net méi ubruecht. Et goufe keng Abusen oder Anomalien oder ech weess net wat festgestallt.

D'Gesetz gesäit duerfir vir, d'Residenzdauer vu fënnef op zwee Joer erofzesetzen. Als DP-Fraktioun hätte mir gäre gesinn, wann d'Residenzklausel ganz ofgeschafft gi wier.

Mat senger Demande, fir op d'Wielerlëschten agedroen ze ginn, beweist den Ausländer säin Interessi un eisem Land a senger Politik. D'Aschreiwungsdemande mat där entsprechender Prozedur ass eng proaktiv Démarche. Den Ausländer ka selwer wielen tëschent viele goen an net viele goen. Den Ausländer, dee sech op d'Gemeng déplacéiert, fir sech aschreien ze loossen, huet deem néidege politesche Feeling, fir sech en toute connaissance de cause u Wahlen ze bedeelegen.

Déi Argumenter, fir eng Residenzdauer vun zwee Joer bäizebehalen, hunn an den Ae vun der Demokratescher Partei weder eng Berechtigung bei de Gemengewahlen a scho guer net bei den Europawahlen. Et

gëllt een Europaparlament vun allen Europäer fir all Europäer ze wielen.

Mam Maastrichter Vertrag goufen op déi eenzel EU-Bierger eng Rei Rechter iwwerdroen, egal a wéi engem EU-Land se wunnen. Hei geet et net nëmmen ëm d'Recht tëschent deenen eenzelne Länner fräi ze zirkuléieren, et geet och ëm onageschränkt politesch Rechter. Den EU-Bierger weess net, wéi laang hien an engem Land bleift, a wëllt duerfir d'Nationalitéit vun deem Land net onbedéngt unhuelen.

Här President, erlaabt mer hei eng Klammer opzemaachen, fir drop hinzuweisen, datt och déi Derogatiounen, déi besoen, datt een EU-Bierger aus engem anere Land net däruf Member vun Schäfferot sinn, net méi dem heitege Geescht an de Prinzipiën vun der Citoyenneté européenne entsprechen. Dës Derogatiounen solle bei där nächster Ännerung vum Wahlgesetz onbedéngt op de Leescht geholl ginn. Een demokratesch gewielten EU-Bierger, dee vun der Majoritéit vum demokratesch gewielte Gemengerot gedroen ass, muss no der Citoyenneté européenne och Responsabilitéit kënnen iwerhuelen. Klammer zou.

Et ass ee Wieler oder et ass een et net. Duerfir ass et och an der Formulatioun richtig, fir ze soen, datt d'Wielerlëschten net méi kënnen clôturiert ginn, mä dass se permanent op sinn. Als DP-Fraktioun freeë mer eis och, datt opgrond vun der Interventioun vum Kolleeg Xavier Bettel an der Kommission d'Annotatioun op de Wielerlëschten, wéini deen, deen net als Lëtzeburger gebuer gouf, d'Lëtzeburger Nationalitéit kritt huet, ganz einfach ewechfällt, nom Prinzip, datt et keng zweeërlee Wieler gëtt.

Här President, d'Regierung huet eng Sensibilisationcampagne ugeknéngt, fir eis auslännesch Matbierger derzou ze bewegen, sech anzeschreiwen. Déi beschte Sensibiliséierung an och déi, déi näischt kascht, wier eng Prozedur ouni onnéideg Konditiounen. Mam Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit wäert och d'Zuel vun de Betroffene lues a lues erofgoen.

Här President, mat all den anere Modifikatiounen an textuellen Upassunge kann d'Demokratesch Partei liewen. Ech kommen awer net derlaanscht, eng Remarque ze maachen, datt de Fonctionnaire, dee vum Schäfferot delegéiert gëtt, fir d'Wielerlëschten à jour ze halen, wéinstens 25 Joer muss sinn. Mat 18 Joer däruf ee Buergermeeschter, Schaffen a Conseiller ginn; mat 18 Joer däruf een Deputéierten an Europaparlamentarier ginn; duerfir fanne mir als DP dës Altersklausel diskriminatoresch an absurd. Et wier duergaangen, wann ee gesot hätt, et misst sech ëm ee vereedegte Fonctionnaire handelen.

Ofschléissend wëll ech nach ausdrécklech begréissen, datt d'Propositionen vun der Kolleegin Anne Brasseur zrëckbehale goufen iwwert d'Aberuffungsmodalitéiten. Bei enger nächster Modifikatioun mussen och d'Dispositiounen iwwert d'Bréifwahl moderniséiert ginn, déi dem Zäitgeescht vun 2008 net würdeg sinn. Mir musse vläicht méi Souplesse an den Oflaf vu Wahlen erabréngen; Stéchwuert Internet. Mir kënnen eis jo bei eisen Nopeschlänner inspiréieren, déi d'Prozedur vun engem Vote anticipé kennen. Erënnere wëll ech an deem Zesummenhang och un déi fortschrëttlech Proposition de loi vum Kolleeg Eugène Berger, fir de Wahlalter op 16 Joer erfzesetzen.

Här President, am Numm vun der Demokratescher Partei ginn ech d'Zoustëmmung zu deem Gesetz als ee Schrëtt an déi richteg Richtung, en attendant datt mer méi eng déif gräifend Revisioun vum Wahlgesetz virhuelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Etgen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Jean-Pierre Klein.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP)**.- Jo, Här President. Ech sinn hei. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir seng gutt Rapporten. Hien ass ausféierlech op déi verschidden Dispositiounen vun deem Projet de loi agaangen. Ech wëll näischt widderhuelen. Ech notzen

d'Geleeënheet, fir e puer méi allgemeng Bemerkungen zu deem Projet de loi ze maachen.

An dëse Projet de loi sinn dräi Propositions de loi agefloss.

Déi éischt dovunner war d'Proposition de loi 5575, vun der Kolleegin Lydie Err a vum Kolleeg Ben Fayot, op déi ech méi ausféierlech wëll agoen. Ech zitéieren och kuerz e puer Sätz aus hirem Exposé des motifs, wou d'Grondiwuerleeung duergestallt ass, aus där dës Proposition de loi entstanen ass:

«...chacun doit pouvoir participer à la construction d'un avenir commun par son apport professionnel, sportif, artistique, démographique, mais aussi au moment des prises de décision. La participation aux décisions permet une intégration concrète des non-Luxembourgeois dans la société luxembourgeoise et constitue ainsi un facteur important de la cohésion sociale. Il s'agit en effet d'éviter la création d'une société duale, dans laquelle existerait un fossé entre les Luxembourgeois, qui sont habilités à influencer les prises de décision politique, et les étrangers qui, bien que contribuant au développement économique du pays, ne peuvent participer à la vie politique que de manière très restreinte.» Fin de la citation.

Dës Proposition de loi hat véier Ziler:

éischstens, d'Recht fir Netlëtzeburger fir a bestëmmte Fäll kënnen an engem nationale Referendum deelzehuelen. Dës Fuerderung war am Kader vum Referendum iwwert d'Zoustëmmung vu Lëtzebuerg zum europäesche Verfassungsstraité opkomm. Et gouf e Konsens zu deem Zäitpunkt, dass et gutt gewiescht wier, wann d'EU-Bierger, déi hei am Land wunnen, och hätte kënnen un deem Referendum deelhuele. D'Zäit war awer ze knapp, fir nach schnell déi néideg Verfassungsreform duerchzeféieren;

zweetens, d'Verlängerung vun der Aschreiwefrist, esou dass ee sech bis zwee Méint virun de Wahle kennt aschreiwen;

drëttens huet d'Proposition de loi virgesinn, dass Netlëtzeburger, déi d'Konditiounen erfëllen, fir un de Gemengen-respektiv un den Europawahle kënnen deelzehuelen, systematesch Informationsmaterial zougeschéckt krite, a

véiertens soll d'Durée de résidence, déi eng vun de Konditiounen ass fir Netlëtzeburger, fir un de Gemengen- an Europawahle kënnen deelzehuelen, vu fënnf op zwee Joer erofgesat ginn.

D'Regierung huet dës Elementer zum Deel ugeholl an zrëckbehalen, wéi se dëse Projet de loi ausgeschafft huet. Als Éischt huet d'Regierung de Virschlag begréisst, fir den nationale Referendum jee no Sujet och kënnen fir Netlëtzeburger opzemaachen.

De wichtigste Punkt ass awer dee vun der Aschreiwefrist. An deem huet d'Regierung an deem Projet de loi iwwerholl. Déi eenzeg Konditioun, déi d'Regierung gestallt huet, war, dass genuch Zäit bleift, nodeems d'Wielerlëschten arrétéiert sinn, fir dass nach d'Méiglechkeet vum Recours bleift.

Déi zwee Méint bis virun de Wahlen, déi an der Proposition de loi stoungen, hunn der Regierung ze kuerz geschéngt. D'Lëschte ginn dem Projet de loi no den 13. Freideg virun der Wahl arrétéiert, wat et fir d'Netlëtzeburger, déi d'Konditiounen erfëllen, méiglech mécht, sech bis ongeféier dräi Méint virun de Wahlen aschreiwen ze loosse.

De leschte Punkt iwwert d'Durée de résidence ass zum Deel vun der Regierung zrëckbehale ginn. Si war bereet, fir d'EU-Bierger, déi zu Lëtzebuerg un den Europawahle wëlle participéieren, d'Durée de résidence vu fënnf op zwee Joer erfzesetzen, net awer fir auslännesch Bierger, déi un de Gemengewahle wëllen deelhuele.

Hei war et d'Meenung vun der Regierung, dass jiddwereen, deen heihinner wunne kennt, eng Zäit brauch, fir sech anzeliwene an déi lokal Gegebenheete kennen ze léieren. Eng minimal Openthaltsdauer vu fënnf Joer schéngt hir ëmmer nach ugeméiss an deem Kontext.

E Wahlgesetz ze änneren, ass ëmmer eng technesch komplex Aufgab, mä fir d'Bierger vun engem Land virun allem och e Sujet, dee mat villen Emotiounen verbonden ass. D'Fro, wien an engem Land wielen däruf, ass zugläich och eng Fro doriwwer, wéi ofen een d'Identitéit vun enger Natioun definéiert a wéi ofen een ass, och anerer u wichtige demokrateschen Décisiounsprozesser deelhuele ze loosse.

Zu Lëtzebuerg si mer an enger ganz spezieller Situatioun, well mer an deene vergaangene Jorzéngte kontinuéierlech eng staark Zouwanderung haten, esou dass d'Gläichgewiicht tëschent deenen, déi hei wunnen an d'Lëtzeburger Nationalitéit hunn, an deenen, déi eng aner Nationalitéit

hunn, ausenanergedrift ass. Dës Tendenz, déi mëttelfristeg derzou féiere wäert, dass d'Stacklëtzeburger - wann ee se esou ka nennen - wäerten eng Minoritéit hei am Land duerstellen, mécht enger Rei Lëtzeburger Suergen a verstärkt protektionistesche Reflexer.

Wéi am Maastrichter Vertrag d'Gemengen an d'Europawahlrecht fir d'EU-Bierger festgeschriwwen ginn ass, déi an engem anere wéi hirem eegenen EU-Land liewen, huet Lëtzebuerg Gebrauch gemaach vun engem Derogationsrecht, wat et erlaabt, d'Wahlrecht vun den EU-Bierger anzuschranken. Domat gouf dem Gefill vun enger Partie Lëtzeburger Rechnung gedroen, dass Auslänner, déi sech bei eis niderloossen, sech fir d'Éischt missten integréieren, da sollten hir ursprüngelech Nationalitéit opginn, fir Lëtzeburger kënnen ze ginn, an op deem Wee de Privileg könnte kréien, fir u politeschen Décisiounen kënnen deelzehuelen.

Einfach dem Gefill no gëtt oft no dëser Logik net nëmmen eng Integratioun, mä eng Assimilatioun vun den Auslänner verlaangt. Nëmme wa si sech upassen, esou gi wéi mir, eis Sprooch léieren an eis Nationalitéit ufroen, solle si eréischt d'Recht kréien, mat ze entscheeden.

Integratioun bedeit awer, dass sech Lëtzeburger an Auslänner openeen zou bewegen an zesummen en neit Ganzt erginn. Vu virera mussen déi, déi nei derbäikommen, ëmmer de gréissten Effort maachen. Et ass ëmmer schwéier, an engem frieme Land Fouss ze faassen, sech anzeliwene an nei Kontakter ze knäppen. Wéi liicht ee sech an deem neie Land integréiere kann, hängt zu engem groussen Deel dervun of, ob een d'Gefill huet, wëllkomm ze sinn. Als Lëtzeburger musse mer eis froen, ob mer an dëser Hisiicht ëmmer déi richteg Signaler gesat hunn.

De Fait, dass mer just mat Zécken an ënner Oplagen EU-Bierger, déi hei am Land wunnen, an eise Gemengen a bei der Europawahl d'Wahlrecht ginn hunn, ass kee positivt Signal an déi Richtung. Och d'Aussoen, déi am Kader vun neie Gesetzer zur Nationalitéit, zur Immigratioun an zur Integratioun gemaach goufen, weisen, dass mir eis schweierdinn, auslännesch Matbierger als gläichwäerteg Partner unzegesinn, mat deene mer zesummen d'Zukunft musse virbereeden an organiséieren.

Tatsaach ass awer, dass kee Wee derlaanscht féiert. Mir hu vill Netlëtzeburger hei wunnen. Dat wäert zum Gléck och esou bleiwen. Ouni dës Zouwanderung hätte mer ni dee Wuelstand kënnen schafen, dee mer haut hunn. Och an Zukunft musse mer eis ustrengen, dass Lëtzebuerg esou attraktiv bleift, dass d'Auslänner gäre bei eis kommen a sech wuel hei fillen. Et huet keen en Interessé drun, an enger zersplitterter Gesellschaft ze liewen, wou een niift deem anere leeft, ouni sech ze verstoen an ouni sech géigesäiteg eppes zouzetrauen.

Wa mer eis Saach gutt wëlle maachen, muss et fir d'Auslänner net nëmmen attraktiv sinn, hei ze wunnen an ze schaffen, mä och aktiv um politeschen a gesellschaftlechen Liewen deelzehuelen. De Projet de loi, deen hei virläit, ass e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Mir hunn op Drock vun der Europäescher Unioun eist Wahlrecht e bëssen opgemaach fir d'Netlëtzeburger. Doraus huet ee gesinn, dass duerchaus Interessé doru besteet, och wann d'Participatioun vun den auslännesche Matbierger bei de Gemengen- an Europawahlen nach laang net esou grouss ass, wéi ee sech dat kennt wënschen oder wéi Eenzelner dat och vläicht gefaart haten.

De Ben Fayot an d'Lydie Err haten am Exposé des motifs vun enger Proposition de loi eng kleng Analys gemaach opgrond vun enger Etüd vum SESOPI iwwert d'Wahlbedelegung vun den Netlëtzeburger. Si sinn zur Konklusioun komm, dass Auslänner duerchaus dorunner interesséiert sinn, wat an hirer Gemeng vir sech geet, an dass si och participéieren, wann ee se dofir encouragéiert a motivéiert.

Mat der Verkierzung vun den Délaien, fir sech fir d'Wahlen anzeschreiwen, wäert et e Stéck méi einfach ginn, an de Gemenge Campagne ze maachen, fir d'Netlëtzeburger mat anzebannen. Et liicht jo jiddwerengem an, dass et schwéier ass, 18 respektiv 15 Méint virun de Wahle Leit ze motivéieren, fir sech anzeschreiwen. Par contre ass et frustrant, wann d'Wahle méi no réckelen an Auslänner Interessé weisen an da musse feststellen, dass se den Délai verpasst hunn, fir sech anzeschreiwen.

Mat deem Gesetzesprojet gëtt deemno eng wichtig bürokraatesch Hürd ofgeschaaft, déi den Auslänner hei am Land onweigerlech huet missen d'Gefill ginn, dass

ee se bei de Wahlen eigentlech net wollt derbäi hunn. Et läit duerno bei de Gemengen, fir aktiv Campagne ze maachen an auslännesch Bierger, déi d'Konditiounen erfëllen, fir un de Gemengen- respektiv un den Europawahlen deelzehuelen, ze encouragéieren, fir sech anzeschreiwen. Souwäit ech weess, gëtt déi Campagne virbereet vum Ministère de l'Intérieur a vum Ministère de la Famille mat de Gemengen zesummen. Da wäerte mer op deem Plang e gutt Stéck weiderkommen.

Informationsaarbecht muss och gelescht gi bei de Jonken, déi iwwert dat neit Nationalitéitgesetz, dat an engem zweete Grad den Droit du sol aféiert, d'Obligatioun kréien, wéi all aner jonk Lëtzeburger, wielen ze goen. Et muss een nämlech dervun ausgoen, dass net all 18-jähregen Auslänner, deen nom 1. Januar 2009 d'Lëtzeburgergesch Nationalitéit kritt, wa schonn ee vu sengen Elteren hei am Land gebuer ass, sech bewosst ass, dass hien domat op der Wielerlëscht ageschriwwen ass.

E positive Punkt am Gesetz, wat mer hei stëmme, ass och de Fait, dass de Wieler an Zukunft nëmme méi muss seng Carte d'identité mat an de Wahlbüro bréngen an dass de Récépissé net méi muss ënnerschriwwen ginn, fir kënnen vun engem wichtige Recht Gebrauch ze maachen. Dat ass den Objet vun der Proposition de loi vun der Madame Brasseur. Ëmständlech Prozeduren a Pabeierkrich sollen op e Minimum reduzéiert ginn, fir et de Bierger esou einfach wéi méiglech ze maachen, un de Wahlen deelzehuelen.

Wann et ëm d'Europawahle geet, hu Lëtzeburger an Netlëtzeburger eppes gemeinsam: Si interesséiere sech manner fir d'Europawahle wéi fir d'Gemengewahlen. Well mir eng Wahlflicht hunn, kennt dat bei de Lëtzeburger net esou staark zum Ausdrock. Mä et kann ee fest dervun ausgoen, dass eisen Taux de participation ënner aneren Ëmstänn och net besser wier wéi deen am Ausland. Ëmsou méi wichteg ass et, deene Leit, déi interesséiert sinn, den Zougank zu dëse Wahlen ze erliichten.

Mir sinn duerfir frou, dass d'Durée de résidence vu fënnf op zwee Joer erofgesat gëtt. D'Durée de résidence ganz ofzeschaffen, wollt d'Regierung net. Esou dass mer och weiderhi vun eise Derogationsrecht Gebrauch maachen.

An der Kommission huet den Här Minister eis erklärt, dass d'Regierung der Meenung wier, dass Awunner aus engem aneren EU-Land dach sollten eng Zäit hei wunnen, fir d'Geleeënheet ze hunn, Lëtzebuerg, seng politesch Landschaft a seng Institutiounen e bësse kennen ze léieren, ier se hei fir d'Europawahlen hire Stëmmziedel ofginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn elo just op déi Punkten agaangen, déi mir vum politesche Standpunkt aus déi wichtigst schéngen. Dës punktuell Erliichterunge vun de Prozeduren beim Wahlrecht stinn an enger Verbindung zu de Modifikatiounen, déi mer am Kader vum Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit virgeholl hunn. Et muss een dës Verännerungen am Kontext vun enger breeder Diskussioun gesinn.

Als Vertrieeder vun der LSAP sinn ech frou ze gesinn, dass mer amgaange sinn, eng ganz Rei vun Upassungen ze maachen, déi e Stéck zur Cohésion sociale an zur Integratioun bäidroen. D'LSAP-Fraktioun gëtt selbstverständlech hiren Accord zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Klein. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass déi véiert Ofännerung vum Wahlgesetz zënter där méi grousser Reform vun 2003. DÉI GRÉNG fannen et net glécklech, dass dëst Gesetz e permanente Chantier ass; en eenzeg „work in progress“, géif een op enger Internetsäit soen. De Statsrot fënnit dat och net glécklech.

Et ass och net glécklech, Här President, wann un engem vun de Basisgesetzter vun eiser Demokratie permanent erëmgedoktert gëtt. An dëse Begrëff „erëmdokteren“ trëfft leider och erëm fir dëse Projet de loi zou. Dat ass kee grouss Worf. Dat sinn erëm just e puer punktuell Ännerungen. An déi nächst Ännerunge leie schonn erëm um Dësch respektiv si schonn erëm am Tube, well mer elo fënnf vir zwielef hu missen en Deel ewechplécken, fir dass wéinstens nach erëm d'Wielerlëschte konnten opgemaach gi fir d'EU-Auslänner fir d'Europawahlen.

Firwat ass dat dann esou, dass permanent un deem Gesetz erëmgedoktert gëtt?

Ech mengen, et gëtt ganz vill Ursaachen dofir. Mir gesinn der als Gréng awer haaptsächlech zwou. Déi éischt ass, dass déi dräi traditionell Parteië bis elo eigentlech ni bereet waren, eng grondleeënd Diskussioun ze féieren, wéi d'Lëtzebuenger Demokratie am 21. Jorhonnert da soll ausgesinn. Mir sinn eis alleguerten eens, dass dat Lëtzebuerg vun haut wéineg mat deem Lëtzebuerg vun der Mëtt vum 19. Jorhonnert, wou d'Basis vun eisem Stat, vun eiser Nation an och vun eiser Demokratie geluecht ginn ass, ze dinn huet.

Mä, Här President, et huet awer eppes gemeinsam, an zwar, haut wéi deemools ass e groussen Deel vun de Bewunner a Bewunnerinne vu Lëtzebuerg vum Wahlgeschäft ausgeschloss. Deemools, am 19. Jorhonnert, waren d'Kritären natierlech anerer wéi haut. Déi Zäit waren d'Kritären d'Geschlecht an d'Akommes, an haut ass et virun allem d'Carte d'identité an d'Nationalitéit. Mir sinn zu Lëtzebuerg um Wee a Richtung kuwaitesch Verhältnisser, wou eng Minoritéit iwwert d'Käpp vun enger Majoritéit ewech decidéiert, wat an deem Land hei ze geschéien huet.

DÉI GRÉNG fannen dat wierklech keng glécklech Evolutioun, an dofir wiere mir frou, wann een emol endlech kéint eng fundamental Diskussioun doriwwer féieren: Wie soll, wien дәір а wie muss am Ufank vum 21. Jorhonnert ёнner wellecher Form un der Demokratie zu Lëtzebuerg deelhuelen?

Mir haten am Joer 2000 schonn e Pabeier ausgeschafft, e Grondsazpabeier, „30 Schrëtt fir méi Matbestëmmung“, wou mer eng ganz Rei Iddien an d'Diskussioun geworf haten. Mir wollten do méi eng grouss Ouverture. Natierlech a Richtung Auslänner, och a Richtung jonk Leit, awer och besonnesch wat d'Präsenz an de politesche Gremië fir d'Fraen ubelaangt. Mir wollten awer och ganz nei Forme vu Biergerbedeelegungen aféieren, nei Forme vum Wahlexercice verschloen, vote électronique an esou weider an esou fort.

Mir hunn awer deemools schonn de Lien gemaach och mat de Strukturen am Land, mir sinn agetruede fir ee Wahlbezierk fir ganz Lëtzebuerg, agetruede fir eng Professionaliséierung um Niveau vun de Gemengen, mat awer och enger entspreechender Trennung vun de Mandaten, awer och fir eng Reform vum Statsrot, enger anerer ondemokratescher Struktur am Lëtzebuenger Land, nieft der Monarchie.

Mir hunn dee Pabeier deemools an d'Diskussioun vun der Reform vun 2003 abruecht an hunn deemools och - Dir kënnt lech vläicht nach dorun erënneren - virum Vote hei am Plenum eng Hällewull vun Amendementer erabruecht. Mä leider hunn дёs Amendementer, дёs Virschléi deemools ganz wéineg Géigeléift fonnt. An Тёschenzäit huet d'Regierungsmajoritéit geännert, a mir musse feststellen, dass d'Géigeléift fir eis Iddië leider net vill méi grouss ginn ass.

Zweet Ursaach, firwat dass mer ёмmer erём punktuell un deem Gesetz dokteren, ass, dass дёs Majoritéit weiderhi retizent ass, fir d'Participatioun méi grouss opzemaachen. Besonnesch fir d'CSV ass dat eiser Meenung no de Fall. Dat wonnert eis als Gréng Partei och weider net, well et kann ee jo schlecht mam roude Léiw iwwer Land zéien a gläichzäiteg d'Diere méi grouss opmaache fir eis auslännesch Matbierger a Matbiergerinne bei den nationalen, kommunalen oder Europawahlen.

Dat ass selbstverständlech all Partei hiert gutt Recht, eis Demokratie méi restriktiv ze gesinn, mä da géif ech awer, Här President, ём e ganz e бёsse méi Eierlechteit bieden, well дёs Positioun, fir net méi grouss opzemaachen, ass a krassem Widerspruch zu alle Riede vu sozialer Kohesioun. Si ass och a krassem Widdersproch zu alle Rieden, déi nom Referendum iwwert d'Constitutioun vun CSV- an LSAP-Kreesser gehale gi sinn. Sonndes gëtt plädéiert fir en Europa vun alle Bierger, a méindes kréien d'EU-Bierger zu Lëtzebuerg d'Dier weiderhin zougehalen, fir um demokratesche Prozess deelzehuelen. Sonndes gëtt geschwat fir déi europäesch Citoyennetéit, a méindes ginn déiselwecht Leit op Bréissel Derogatiounë fir Lëtzebuerg aushandelen am Kontext Auslännerwahlbedeelegung.

DÉI GRÉNG sinn der Meenung, dass et keng objektiv Begrënnung méi gëtt fir déi Derogatiounen, déi Lëtzebuerg sech beim Maastrichter Vertrag ausgehandelt hat. Wann een deemools och nach konnt e gewёsse Versteedemech hu fir eng Rei Ausnahmeklauselen, well Lëtzebuerg jo wierklech e бёssen an дәр atypescher Situation ass vun engem héijen Undeel vun Auslänner, mengen ech, esou gëtt et haut, 16 Joer an e puer Europa- a Kommunalwahle méi spéit, wierklech kee Versteedesde-

mech méi derfir, dass Lëtzebuerg, an dat weess vläicht net jiddwereen, als eenzegt vun deene 27 EU-Länner nach ёмmer op дёs Derogatiounë pocht.

Emol eierlech, Kolleginnen a Kolleegen, et ka jo keen heibanne behaapten, bei deene Wahlen, déi mer an der Zwёschenzäit erlieft hunn, hätte mer eng Invasioun vun Auslänner an Auslännerinnen op de Wahllёschten erlieft, an et kann och kee behaapten, bei deene Wahle wiere mer vun auslännesche Kandidaturen op de Lёschten iwwerrannt ginn. Et gëtt also keng Ursaach, fir d'Durée de résidence nach ёмmer op zwee Joer ze halen. Fir eis auslännesch Populatioun gëtt eis Demokratie ёмmer méi zu enger Salami-Demokratie, wou d'Participatioun nёмmen nom Gutdünke vun CSV an LSAP rondelweis verdeelt gëtt.

DÉI GRÉNG sinn der Meenung, dass eng Salami-Demokratie net zur sozialer Kohesioun bäidréit. Eng Salami-Demokratie vergrёissert och net den Appetit um Zesummeliewe bei den auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger. An dorunner wäert och déi ugekёnnegt Campagne mat Bicen a Béierdeckelen, wéi mer viru kuerzem an enger Äntwert op dem Félix Braz seng Fro gewuer gi sinn, net ganz vill änneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, DÉI GRÉNG stelle sech d'Zesummeliewen an d'Demokratie am 21. Jorhonnert zu Lëtzebuerg anescht vir, an duerfir wäerten DÉI GRÉNG дёst Gesetz net стёммен.

Ech soen lech Merci.

»» Plusieurs voix.- Très bien!

»» M. le Président.- Merci, Här Gira. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

»» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Fir d'éischt e Merci un de Kolleeg Marco Schank als Rapporteur. Just e puer kuerz Remarquen zu дёсем Projet. Et ass e Projet, deen e relativ gelungene Wee gaangen ass, bis en iergendwéi do erauskomm ass, wou en dann elo ass, mä wou mer, mengen ech, an der Kommissioun awer dach e Konsens fonnt hunn, datt et besser ass, дёse Projet kuerzfristeg elo iwwert den Instanzewee ze kréien an da mat rouegem Kapp eng nächst Etapp hannendrun ze hanken.

Ech wëll hei just kuerz op dee Punkt agoen, wou Lëtzebuerg opgrond vum Maastrichter Vertrag Ausnahmebestëmmunge krut, wat d'Residenzklausel vun den EU-Bierger hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. Mir si vu siwen op fёnnef Joer erfoggaangen an du vu fёnnef op zwee. D'Diskussioun an der Kommissioun war, an et ass och elo hei vun deene grёnge Kollege gesot ginn, datt een zu дёсем Zäitpunkt hätte kёnnen direkt op null Joren erfogoen, dat heescht keng Residenzklausel méi virgesinn.

Mir als ADR hunn awer déi Proposition, wéi se hei am Text virläit, ёнnerstёtzt, well mer einfach soen, mir hu jo am Maastrichter Vertrag déi Ausnahmebestëmmunge fir Lëtzebuerg net oui Argumentatioun gefrot. Mir sinn nun eben emol dat Land mat deem grёisste prozentualen Undeel vun Netlëtzebuenger. Keen anert Land huet esou en héije Prozentsaz bei sech opweises. Duerfir hu mer déi Ausnahmeregелunge gefrot a mir hu se och vun deenen anere Länner aus дәр Ursaach zougestane kritt.

Datt mer etappeweis erfoginn, wéi gesot vu siwen op fёnnef Joer an elo vu fёnnef op zwee, beweist jo awer, datt Lëtzebuerg sech senger Responsabilitéit do bewosst ass, och vis-à-vis vun eisen aneren EU-Bierger hei am Land, an datt mer déi lues awer sécher praktesch ganz participativ hei un den Europa- respektiv Gemengerotswahle wäerten deelhuele loosse. An ech sinn och iwwerzeegt, datt mer eng nächst Etapp wäerte kréien, wou mer op null Jore wäerten erfogoen. Mä alles zu senger Zäit. Et soll een dat Schratt fir Schratt maachen.

De Kolleeg Gira huet elo grad gesot, mir wieren dat eenzegt Land, wat an der Europäescher Unioun esou Ausnahmeregелungen nach géif praktikézieren. Jo, dat стёмmt. Mir sinn och dat eenzegt Land, wat esou en héije Prozentsaz vun Netlëtzebuenger oder vu Leit, déi net eis Nationalitéit hunn, hei am Land huet. Duerfir ass dat, mengen ech, scho berechtegt. Op дәр anerer Säit beweise mer elo fir d'zweete Кéier, datt mer deen Integratiounsprozess um politesche Plang awer etappeweis viruféieren. Ech sinn iwwerzeegt, wéi gesot, datt eng nächst Etapp wäert kommen, wou mer dann déi zwee lescht Joren och wäerte strächen.

Et ass gutt, datt am Budget e Kredit virgesinn ass, fir eng Campagne ze maachen, fir eis auslännesch Matbierger och opmierksam ze maachen op déi nei Méiglechkeeten, déi se hunn, souwuel iwwert

d'Konditiounë wat d'Residenz ubelaangt wéi awer och d'Konditiounen, déi verkierzt ginn, fir sech an d'Wielerlёschten anzeschreiwen. Duerfir begrёisse mer ausdrёcklech, datt duerfir eng Campagne gemaach gëtt.

Mä mir soen awer och gläichzäiteg - an ech hunn dat och an der Kommissioun gesot -, datt mir relativ vill Leit hei zu Lëtzebuerg hunn, déi an de leschte Joren an d'Grenzregioun wunne gaange sinn. Mir hunn iwwer 10.000 Lëtzebuenger, déi an der Grenzregioun wunnen, déi am Fong och d'Méiglechkeet hunn, fir iwwer Bréifwahl hei am Land kёnnen un de Wahlen ze participéieren.

Mir als ADR sinn der Meenung, datt een och do sollt eng Campagne maachen, fir déi Leit dorop opmierksam ze maachen, datt se ёishtens hei кёnnen mat viele goen, an zweetens fir deenen awer och ze soen, wéi dann d'Prozeduren an d'Délaie sinn, fir kёnnen an der Regel iwwer eng Bréifwahl hei mat кёnnen wielen ze goen.

Ech mengen, dat wier fair vis-à-vis vun deenen zwou Säiten, fir deene Leit déi néideg Informatiounen zoukommen ze loosse, fir datt se och hei vun hirem duerch Gesetz verankerte Recht, fir кёnnen bei de Wahlen ze participéieren, кéinte profitézieren.

Här President, dat gesot, mengen ech, all déi aner Saachen huet de Rapporteur a verschidde vu menge Virriedner hei gesot, sou dass deem näischt bäizefügen ass. Dat géif just eis Zäit huelen. Duerfir brёngen ech nach just zum Schluss den Accord vun eisem Grupp zu дёсем Gesetz.

»» M. Robert Mehlen (ADR).- Très bien!

»» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling, an da кёinnt den Här Fayot.

»» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi Rapport. Ech wëll emol kloerstellen, dass Lëtzebuerg net dat eenzegt Land ass, wat Derogatiounë kritt huet an der politescher Unioun. Dänemark war vun Ufank vum Maastrichter Vertrag un net an der politescher Unioun mat dran.

(Interruption)

Majo neen, wann ech vun der politescher Unioun schwätzen, dann ass et dat. Politesch Unioun ass eben d'Integratioun vun den Netbierger vun engem Land an d'Matbestëmmung vun deem Land. Beim Maastrichter Vertrag huet Dänemark déi Derogatiounë kritt, wann Der lech guet kёinnt erёnneren, well Dänemark déi ёischte Кéier beim Referendum Nee gestёмmt huet, an do huet et déi Derogatioun kritt, fir datt et déi zweete Кéier sollt Jo стёммен.

Ech mengen, et soll een och emol dann dorunner erёnneren.

Dann zu дәр Salami-Demokratie: Dir кёinnt awer net heihinner kommen an eis italiesch Matbierger beleidegen. Dat ass awer net fair!

(Hilarité)

Mä ech wëll awer soen, dass mer vum Maastrichter Vertrag un, géif ech mengen, Schrëtt fir Schrëtt an déi Richtung gaange sinn, vun дәр ech mengen, dass och DÉI GRÉNG déi гären hätten. Mir gi Schrëtt fir Schrëtt an déi Richtung, an et geet menger Usicht no och net anescht, wéi dass een dat mat kuerzen an iwwerluechte Schrëtt mécht. Et kann een näischt iwwert de Knéi brieche, well dat géif kengem hёllefен, weder eis nach eisen auslännesche Matbierger.

Ech sinn och frou, dass mer elo emol net méi vun Auslänner oder esou schwätzen, mä dass mer ёмmer méi vun Integratioun schwätzen, Integratioun vun alle Bierger hei am Land an e System, mat deem mer all gutt kёnnen zesummeliewen.

D'Residenzklausel - okay, et kann ee soen: Huet et nach e Sёnn, fir déi oprechtzeerhalen? Mä wann ech soen, dass mer och do Schrëtt fir Schrëtt ёмmer dem idealen Zil méi no kommen, esou géif ech awer mengen, dass mer dann och do eng Кéier dohinner kommen, wou mer hi wёllen.

D'Betreiung vun eise Matbierger, déi wёllen d'Lëtzebuenger Nationalitéit kréien, ass eng ganz delikat Saach. D'Betreiung vun deene Leit, déi sech op de Gemenge mellen, fir sech anzeschreiwen oder fir iergendeng Démarche ze maachen, fir sech ze integréieren, ass eng ganz delikat Saach. Dat hu mer bei eis zu Esch schonn e puermol matgemaach.

Den Här Etgen huet hei gesot, dass hien e Problem hätte mam Alter vu 25 Joer. Do sinn ech einfach der Meenung, ёishtens emol, dass duerch déi Studien, déi do verlaangt ginn, ee sech knapps virum Alter vu 25 Joer

do ka mellen. Zweetens sinn ech der Meenung, dass, fir esou e Posten ze bekleeden, wou ee mat Мёnschen ёмgeet, wou ee Matмёnsche muss betreien, ee wierklech och schonn e бёssen Experienz muss hunn an och e бёsse psychologesch Kenntnisser, fir кёnnen mat deene Мёnschen ёмzegoen, dass se sech wierklech akzeptéiert fillen an dass se sech och wierklech behandelt fille wéi jiddwereen aneren och. Dat ass ganz oft och net de Fall. Wann déi falsch Leit op дәр falscher Plaz sёtzen, da gëtt dat e ganz anert Bild a gëtt deem Мёnsch, deen dohinner froe кёinnt, ёischer den Androck, wéi wann en net wёllkomm wier, an dat ass net gutt.

All d'Gemengen hu massiv de Versuch gemaach, an ech weess dat vun Esch, fir dass méi Leit sech aschreiwen, fir dass méi Leit sech integréieren, mä et bleift ёмmer nach dem Wёlle vun deem Eenzelnen iwwerlooss, ob hien dee Schrëtt och wёllt maachen.

A wa mer do sinn, wou mer elo sinn, dass eben net méi Leit sech aschreiwen, fir ze participéieren, da musse mer eis Froe stellen, wёisou dass dat esou ass.

Ass et vläicht, dass de Wonsch bei deene Leit guer net esou grouss ass, fir hei ze participéieren um politesche Geschäft, wéi mir dat vläicht гären hätten? Oder ass et einfach esou, dass mer et net fäerdeg brёngen, hinnen eben eis Institutionen oder eist politesch Gefüge méi no ze brёngen?

Dat si Froen, déi ee sech muss stellen. Wann ee bei de Kanner kuckt, déi hei an d'Schoul ginn, esou gesäit een, dass bei deene schonn e ganz anere Wёllen do ass wéi bei deene Leit, déi elo scho länger am Land wunnen. Mä awer bleibt et schlussendlech ёмmer deem Eenzelnen iwwerlooss, ob hien dann iwwerhaupt déi Participatioun wёllt.

Ech géif mengen, mir sollen net elo versichen eng Participatioun ze forcéieren. Mir sollen dat maachen, wat mer bis elo gemaach hunn, nämlich mat kuerze Schrëtt ёмmer deem idealen Objektiv méi no kommen, d'Leit net drängelen, d'Leit net forcéieren, mä se begleeden an hinnen d'Méiglechkeete ginn, aus sech selwer eraus ze entscheiden, ob se dat wёllen oder net. Well een, deen e бёssen esou dozou gezwonge гëtt, stellt sech herno Froen, well et si vill Leit, déi d'Lёschten - wa mer an der Uelzechtstrooss stinn zu Esch, weess ech dat - ёнnerschreiwen, fir sech aschreiwen ze loosse, déi sech emol guer net der Konsequenz bewosst si vun deem, wat se do gemaach hunn, an déi stellen da spéider Froen.

Duerfir ass menger Usicht no et besser, wa mer de Leit déi néideg Zäit loosse, fir selwer ze entscheiden, fir sech selwer ze integréieren a selwer och ze entscheiden, wéini dass de Moment do ass, fir hei ze participéieren. Dat wär fir mech dee beschte Wee. Mir solle se begleeden, mir sollen all déi gesetzlech Moossnamen duerfir maachen.

(Interruption)

Jo, ech weess, dass meng Zäit ofgelaf ass, ech verleugnen dat och guer net, Här Gira. Mä vläicht net нёмme meng! Vläicht net нёмme meng! Well ech géif mengen, dass deen een oder deen aneren och vun lech um richtege Wee ass.

(Hilarité)

»» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Fayot huet d'Wuert.

»» M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, erlaabt mer als ee vun de Coauteure vun enger vun deene Propositions de loi, déi an deem Gesetz hei mat integréiert sinn, e puer Wuert ze soen, selbstverständlech och fir dem Rapporteur Merci ze soe fir seng gutt Aarbecht bei дёсем Projet.

Ech wollt dräi Punkte soen.

Ёischte Punkt, déi Derogatiounen, déi mer am Traité vu Maastricht 1993 kritt hunn. Ech erёnnere mech ganz gutt un déi Diskussioun am Europaparlament. Et war deemools, wéi déi europäesch Biergerschaft mat dem Droit de vote fir Netlëtzebuenger sollt kommen, eng grouss Opreegung, elo géife bei den Europa- a Gemengewahlen, wéi zum Beispill an der Fiels, wou iwwer 50% Portugise wunnen, d'Auslänner d'Muecht ergräfen.

Bon, mir hu jo gesinn, dass dat net geschitt ass. Déi Derogatiounen, déi mer nom Traité vu Maastricht hunn, bestinn nach ëmmer, well et se fir all Land gëtt, wou iwwer 20% net Nationaux wunnen. Dat gëtt vun der Europäescher Kommissioun kontrolléiert.

Et hänkt also vun ons selwer of, ob mer déi Derogatiounen eng Kéier ganz opginn oder net. Vun ons ganz eleng. Et forcéiert keen ons, déi Derogatiounen opzeginn.

Zweetens mengen ech, well mer déi Derogatiounen hunn a well mer awer iergendwann sollen an den Droit commun vun der europäescher Biergerschaft kommen, dass mer ons solle Gedanke maachen doriwwer, dass d'Wahlen am Fong geholl net dat eenzegst Instrument sinn, fir Leit, déi bei ons wunnen, schaffen, Steiere bezuelen, laang wunnen, mat an onst politescht Geschäft eranzehuelen.

Wahlen ass ee Mëttel, mä et gëtt aner Mëttelen. Et gëtt d'Mëttelen vun der Participation politique. D'Partei fänke jo un dat ze maachen. Ech hu gelies, dass d'CSV do e Grupp geschaf huet. Mir hu selwer als LSAP eng ganz Partie Netlëtzebuurger an der Partei. Mir probéiere Strukture fir déi opzebauen. Et ass net ëmmer einfach, Aarbechtsgruppe mat eranzekréien an den normale politeschen Débat interne an der Partei. Dat ass d'Responsabilitéit vun all Partei, fir déi Leit, vun deene mer gären hätten, dass se zu Lëtzebuerg d'politesch Participatioun exercéieren, op déi Manéier mat eranzebréngen.

Elo, wou d'Partei méi Finanzméiglechkeete kruten duerch d'Gesetz iwwert d'Finanzéierung vun de Parteien, ass dat eng Responsabilitéit vun de Parteien zu Lëtzebuerg, fir d'Netlëtzebuurger, déi awer wëllen hei zu Lëtzebuerg - sief et um Plang vun de Mengen, sief et um Plang vun der Europapolitik, a firwat net och um Plang vun der nationaler Politik - participéieren, méi enk dorunner anzebannen.

En drëtten Punkt betrëfft eng Situatioun, déi elo näischt mat deem Gesetz ze dinn huet. Den Här Gibéryen huet et ugeschwat. Et gëtt, mir wëssen net wivill, mä vill Lëtzebuurger am Ausland. Et gëtt der natierlech am wäiten Ausland, et gëtt der och am direkten Nopeschausland. An enger Gemeng wéi Pärel zum Beispill si 500, 600 Lëtzebuurger. Dat geet duer fir e Wahlbüro.

» **M. Robert Mehlen** (ADR). - Si stellen déi nächste Kéier de Buergermeeschter.

» **M. Ben Fayot** (LSAP). - Si kéinte souguer an Däitschland, wa se alleguete fir ee stëmmen, de Buergermeeschter stellen. Just nëmme fir ze soen, fir dass mer déi Lëtzebuurger, déi am Ausland sinn, besonnesch déi, déi ganz no bei Lëtzebuerg sinn, well se hei nach schaffen, well se nach vill Lienen hunn - et ass eppes anescht ob een zu Pärel oder zu San Francisco wunnt -, och nach ganz enk un d'politescht Geschéien zu Lëtzebuerg abannen an dass mer eis Gedanke maachen, wéi een et deene ka facilitéieren, un de Wahlen zu Lëtzebuerg ze participéieren, souwuel bei den Nationalwahlen wéi bei den Europawahlen. Bei de Kommunalwahlen ass dat jo net méiglech, well se net an enger Lëtzebuurger Gemeng wunnen. Mä op jidde Fall bei den Nationalwahlen a bei den Europawahlen.

Et ass en Uleies, dat ganz bestëmmt och an deenen nächste Joren, wann déi Leit, déi net zu Lëtzebuerg wunnen, mä am noen Ausland wunnen an trotzdeem nach enk Relatiounen mat Lëtzebuerg hunn, méi zahlreich ginn.

Dat waren déi puer Remarquen, déi ech wollt maachen. Den Här Klein huet de Rescht vun deem Projet exzellent hei duergeluecht.

VLäicht nach just eng Remarque. An der Proposition de loi hate mer proposéiert, dass ee soll d'Durée de résidence vu fënnf op zwee Joer fir d'Europawahlen a fir d'Gemengewahlen erofsetzen. D'Regierung huet gesot: Mir setze se erof fir d'Europawahlen, mä net fir d'Gemengewahlen, well ee fir d'Gemenge méi eng laang Zäit brauch, fir sech ze integréieren.

Domat kann ee liewen. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer héchstwahrscheinlech an e puer Joer och mat där Residenzdauer erfoginn, well mer gesinn: Wat d'Leit an de

Gemenge méi participéieren, sief et iwwert d'Wahlen, sief et a Kommissiounen, sief et iwwert d'Participatioun an de Veräiner, wat d'Liwen an de Gemenge méi harmonesch gëtt, wat d'Leit méi zesummewuessen. An et ass jo dat, wat mer virun allem wëllen.

Merci.

» **Plusieurs voix**. - Très bien!

» **M. le Président**. - Merci, Här Fayot. Elo huet dann d'Regierung d'Wuert. Här Innenminister Halsdorf, wann ech gelift.

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de modifizéierte Projet de loi, deem haut gestëmmt gëtt, huet e grouss Konsens an der Intérieurskommissioun, heibanen an der Chamber - dat hu mer haut an den Diskussiounen héieren - an och dobaussen.

Wann ech e kuerz misst beschreiwen, géif ech soen: En ass vielerfrëndlech an e mécht eppes fir d'Simplification administrative. Den originale Projet, deem ech jo de 25. Mäerz hei an der Chamber déposéiert hunn, war a bleift och en ambitiöse Projet. Ech wollt mat deem Projet eng ganz Rei vun Ännerungen am Wahlgesetz an och am Gemeengegesetz gläichzäiteg virhuelen.

Als Éischt huet jo dese Projet de loi, deem d'Nummer 5859 huet, enger Revendicatioun Rechnung gedroen, déi jorelaang gemaach gouf, fir d'Aschreiwungsfrist ze verlängere fir d'Wielerlëschte vun den auslännesche Matbierger.

Et ass effektiv net méi ze vertrieeden, dass ee sech muss virum 31. Mäerz dat Joer virun de Wahlen androen. Dëst ass net méi vertrieetbar. Et war och net esou einfach, eng nei Prozedur ze maachen, well mer eis net wollten um belsche Modell, esou wéi en an der Proposition de loi vum Ben Fayot an der Madame Err dra war, orientéieren. Mir hunn nämlech gemengt, et misst een onbedéngt dat demokratescht Recht, dat „double degré de juridiction“ heescht, bäibehalen.

Mir wollten also de Bierger d'Méiglechkeet ginn, en duebeln Asproch, eng duebel Reklamatioun ze maache fir eben d'Aschreiwung oder d'Netaschreiwung op d'Wielerlëschten. Do hu mer misse vill rechnen, mir hu misse vill täselen, a mir sinn zu enger Prozedur komm, déi - wéi et haut scho gesot ginn ass - den 13. Freideg virun de Wahlen ophält. 86 Deeg virun de Wahlen ass den Délai, deem elo festgehale ginn ass.

Deen Dag ginn d'Lëschte provisoersch zougemaach. Duerno gi se publizéiert, an da kennen d'Leit dergéint reklaméieren. Dat definitiivt Zoumaache vun de Lëschten ass 72 Deeg virun de Wahlen. Fir dass dese Modell iwwerhaapt fonctionnéiert, hu mer misse eng permanent Wahlëschtféieren, déi dann eben esou fonctionnéiert, dass se fir d'Lëtzebuurger automatesch à jour gehal gëtt. D'Auslänner, wann déi d'Konditiounen erfüllen, kënnen sech da permanent aschreiwene op des Lëscht.

Dës prinzipiell Opfuederung - ech hunn et scho gesot - nom belsche Modell ass gefrot gi vum Ben Fayot a vun der Madame Err an engem Projet de loi vum 16. Mee 2006. Mir hu gemengt - ech mengen dat och, ech sinn och dervun iwwerzeegt -, dass dat, wat mir elo proposéieren, méi demokratesch ass a strukturell eng besser Léisung ass wéi dee belsche Modell, deem eis Noperen hunn. Dëst Häerzstéck war am Originalprojet an et bleift jo och dann an deser modifizierter Mouture, déi mer haut an der Chamber hunn an déi haut soll ofgestëmmt ginn.

Aner Particularitéite vum Originalgesetz waren déi, dass mer nach aner Proposition-de-loie vun Deputéierte wollten an d'Gesetz abauen, dass mer d'Experienzen, déi mer 2004 an 2005 gemaach hunn, och an dat Gesetz afléisse gelooss hunn. Mir hunn och dervu profitéiert, Ännerungen am Gemeengegesetz virzehuelen, déi an darselwechter Iddiëlag ware wéi d'Ännerungen am Wahlgesetz. Ech ginn hei e Beispill: Dat ass wéini d'Membere vun engem Gemengerot a Fonctioun trieden. Dat ass net ganz kloer an do muss och légiféiert ginn.

Dir gesitt also, den Originalprojet huet vill Detailaarbecht verlaangt. Duerfir konnte mer en och eréischt den 28. Mäerz dëst Joer déposéieren.

Firwat hunn ech dann op eng Kéier proposéiert, fir eben dese gutt ficelierte Projet opzedeele? Do gëtt et méi Grënn. D'Ausgangsbasis ass déi, dass mer zwee Projet-de-loien hunn: d'Wahlgesetz an d'Gemeengegesetz, déi zum Deel komplementar sinn.

Et ass also dann noutwendeg, well déi Texter sech ergänzen, dass se och zesummen an d'Plénière kommen an deeselwechten Dag a Kraaft trieden. D'Realitéit ass awer

déi, dass den Avis vum Statsrot fir d'Wahlgesetz den 11. Juli komm ass, den Avis awer fir d'Gemeengegesetz ass eréischt de 25. November komm. Mir haten och am Juli schonn direkt mat den Diskussiounen ugefaangen an der Chamberskommissioun. Mir konnte se awer leider net ofschléissen.

En plus hu mer am zweeten Avis eng Opposition formelle kritt iwwer e fundamentale Punkt, an zwar deen, fir déi nei Prozedur fir de Buergermeeschter an d'Schäffen ze wäilen. Eng Opposition formelle, dat heescht, do hu mer missen eng nei Prozedur sichen.

Dës Iddi war eis awer wichteg, well mir hu se vum Congrès des Pouvoirs locaux et régionaux d'Europe, vum CPLRE, suggéiert kritt. Si haten e Rapport gemaach iwwert d'Demokratie an d'Rolle vun eise Gemengen hei zu Lëtzebuerg. Mir mengen och, dass et noutwendeg wier, fir esou eng Prozedur an d'Lëtzebuurger Recht anzeschreiwen.

Keng Textpropositioun vum Statsrot; dat heescht eng nei Prozedur am Aklang mat de bestehenden Dispositiounen an och am Geescht vun der Gemeengegesetzgebung. Esou eppes kritt een net am Handëmdréien. Esou eppes verlaangt komplex Iwwerleeungen a Recherchen, fir dass mer e juristescht kohärenten Text kréien. Duerfir hu mer gemengt, dass mer sollten déi Elementer, déi d'Wahlgesetz an déi Dispositioun do ugin, eraushuelen.

De Statsrot hat doriwwer eraus och nach gefrot, eng kloer Trennung ze maachen tëschent dem Gemeengegesetz an dem Wahlgesetz, fir och hei méi Kohärenz ze kréien. Zum Beispill géif dat heeschen, d'Entrée en fonction vum Gemengerot, d'Demission vum de Buergermeeschteren, vun de Schäffen, vun de Conseilleren, d'Incompatibilitäten oder Komplementarwahlen oder en Désistement: All déi Elementer sollte mer aus dem Wahlgesetz eraushuelen, wa mer esou eppes wëlle maachen.

Dat ass och opwändeg an dat léisst sech net vun haut op muer maachen. Et ass awer am Esprit vun deem, wat d'Spezialkommissioun iwwert d'Reorganisatioun vun eise Land formuléiert huet, ee Code communal ze maachen. Eng Formulatioun, zu där ech och am Joer 2005 scho gesot hunn, mir wëilten an déi Richtung goen. Deen éischte Schratt wär dat heiten, a mir sollten eis dann d'Zäit huelen, fir dat mat Suerg ze maachen, fir dass mer herno juristescht Kohärenz kréichen.

(*Interruptions et coups de cloche de la Présidence*)

» **M. le Président**. - Loosst lech net stéieren, Här Minister!

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*. - Duerfir hunn ech elo ee Moment gewaart, fir dass dat Ganzt sech berouegt, an da kann ech och berouegt weiderschwätzen, fir lech nach eng Kéier ze soen, dass mer dann also d'Gemengewahlen an déi Suiten, all déi Elementer wëlle separat behandelen. Do soll an den nächste Méint légiféiert ginn, an doriwwer eraus sollte mer kucke bis spéitstens Mee 2011 eppes op d'Been ze stellen, fir dass d'Ännerunge beim Gesetz den 9. Oktober 2011, also bei deenen nächste Gemengewahlen, gräife kënnen. Mir sollten elo déi néideg Viraarbechte maachen, fir déi Diskussioun en toute sérénité ze féieren, fir dass dann de Projet op den Instanzewee ka goen.

Nun, ech hunn och an där zweetleschter Chamberskommissioun gesot, mer missten dëst Gesetz nach, wa méiglech, virum Enn vum Joer hikréien. Dat geléngt jo dann nach haut, an dat ass och praktesch liewenswichtig, géif ech soen, well mer hunn effektiv Elementer, déi eis dozou féieren, dass mer dat elo musse maachen. D'Opmaache vun de Wahlëschte muss schnellstméiglech geschéien, fir dass déi auslännesch Matbierger sech kënnen aschreiwene. Dat ass eng Revendicatioun vun Auslännerorganisatiounen, a mir wëllen där Rechnung droen.

Mir wëllen awer och eng Sensibiliséierungscampagne, déi hei ugeschwat ginn ass, starten. Et stinn 100.000 Euro am Budget 2008. Si stinn ënnert der Rubrik „Commissariat aux étrangers“ a si mussen dëst Joer engagéiert ginn, fir dass se och kënnen genotzt ginn. Duerfir muss mer dat Gesetz elo a Kraaft kréien, fir dass mer dann och kënnen deementspriedend informéieren a sensibiliséieren. Dës Campagne ass, et ass scho gesot ginn, zesumme mat den Organisatiounen fir d'Auslänner preparéiert ginn, an do kënnen mer elo lassfueren, deem steet näischt méi am Wee.

E weidere Grond, deem och schonn ugeschwat ginn ass, firwat dass dat Gesetz hei muss haut gestëmmt ginn, dass et virum 1. Januar kann a Kraaft trieden, ass eben, well

Dispositiounen am Gesetz vum 23. Oktober vun 2008 iwwert d'duebel Nationalitéit am Artikel 1, Alinea 5 stinn, an et gëtt eng Rei vu Bierger, déi kréien d'Lëtzebuurger Nationalitéit op den 1. Januar 2009 iwwert den Droit du sol, also iwwert d'Buedemrecht. Dës jonk Leit si jo virum 1. Januar 1991 an dem 31. Dezember 2008 gebuer, a vun den auslänneschen Eltere muss op d'mannst ee vun hinnen zu Lëtzebuerg gebuer sinn. Wann dës Leit elo 18 Joer kréien, tëschent dem 1. Januar 2009 an dem 7. Juni 2009, da muss se automatesch op d'Wahlëschten ageschriwwen ginn. Dat wäerten 200 Leit sinn. A well eben d'Nationalitéitgesetz den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, muss och d'Wahlgesetz a Kraaft sinn, fir eben dës Ëmsetzung kënnen direkt a parallell virzehuelen.

D'Gemenge kréie vun de kompetente Services vum Stat eng Lëscht vun deene Leit aus hirer Gemeng, déi ënnert dës Dispositiounen falen, fir dass se kënnen ageschriwwen ginn. Dat huet jo och de Gilles Roth a senger Interventioun gefuerdert, a mir wäerten do eng Circulaire maachen, fir deem Rechnung ze droen. Ech kann dem Gilles Roth dann och äntwerten, dass mer datselwecht och wäerte maachen, also eng Circulaire, fir ze informéieren, wien op eng Wahlëschte kënnt a wien net drop kënnt.

Ech wollt awer onbedéngt nach e puer Wierder iwwert dat Gesetz hei soen, dat a sech en ongewéinleche Parcours gaangen ass an dat am Fong geholl nëmme konnt haut esou ofgestëmmt ginn, well d'ganz Kommissioun unanime d'accord war, eng Hand mat unzepaken, fir dass mer et hei kënnen réaliséieren. Duerfir wollt ech all deene Merci soen, déi do matgeholfen hunn, an och ee spezielle Merci un de Marco Schank fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport an och fir seng proaktiv Haltung, dat muss ech wierklech soen, bei alle Projete bis elo. Hien huet ëmmer eng Hand mat ugepaakt, dass mer an deser Legislatur konnten effizient an der Intérieurskommissioun schaffen.

E puer Wierder nach iwwer wesentlech Punkten. Éischstens, d'Openthaltsdauer fir d'Aschreiw vu fënnf op zwee Joer, dat ass jo de Mëtteg e puermol ugeklongen. D'Regierung wollt hei net méi wäit goe wéi zwee Joer. Déi Prise de position ass jo de 14. Mäerz 2007 festgehale ginn a si ass och an dëst Gesetz ageschriwwen. Ech hu kee Problem, eng fundamental Diskussioun ze féieren - fir dem Här Gira ze äntworten - iwwer ee Wahlgesetz oder iwwert d'Wahlen hei zu Lëtzebuerg. Mä ech wëll him awer soen, dass, wann ech kucken, wéi d'Diskussioun gefouert goufen an nach geféiert ginn am Kader vun der Réorganisation territoriale, vun där Spezialkommissioun, da maachen ech mer awer munch Gedanken. Well do gesinn ech awer, dass déi Energie, fir villes hei zu Lëtzebuerg ze reorganiséieren, awer nëmme bedéngt do ass, an ech stelle fest, dass d'CSV sécherlech kee Bremser ass fir eist Land ze reorganiséieren. Ech wëll och kee Bremser sinn, fir esou eng fundamental Diskussioun ze féieren.

» **Une voix**. - DÉI GRÉNG souzen op der Brems.

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*. - Mir sollten also an den nächste Méint kucken, wéi ech elo gesot hunn, an och déi nächst Regierung, wat am Kader vun enger Reorganisatioun vun eise Wahlgesetz - kommt mer nennen et esou - ze maachen ass oder wat do net ze maachen ass.

Stéchwuert Convocatiounsbréif. Ech mengen, do ass et evident, dass mer dat no der Ufro vun der Madame Brasseur an enger Proposition de loi ageféiert hunn. Et ass net méi zäitgeméiss, nach e Récépissé ze fuerderen, wann een d'Leit wëllt dozou kréien, dass se viele ginn. Dat bréngt an eiser mediatisierter Welt kee Mehrwert méi zur Informatioun. D'Leit ginn also just nach informéiert. Si brauche kee Convocatiounsbréif méi, eng Identitéitskaart geet duer, eng Auslännerkaart oder e Pass. Jo, et geet souguer duer, wa se bekannt sinn am Wahlbüro, da kënnen se direkt un de Wahlen deelhuele, ouni sech missen auszeweisen.

Mat deem Gesetz gëtt och zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet agefouert, fir Observateure bei Wahlen ze invitéieren. Dëst geet zréck op eng OSZE-Konferenz vu Kopenhagen vum 29. Juli 1990. Do hu mer eng politesch Deklaratioun ënnerschruiwen, déi et méiglech mécht, dass all déi Staten, déi un der OSZE deelhuele, grad wéi och all kompetent a privat Organisatiounen oder Institutiounen kënnen op Wonsch Wahloperatiounen observéieren. Dat ass en neie Punkt.

En aneren neie Punkt an deem Gesetz ass den zentrale Büro vun der Regierung, deem d'Wahloperatiounen begleet, fir esou schnell

wéi méiglech relativ fiabel Resultater ze publizéieren. Och dësen zentrale Büro kritt eng Base légale. Et war bis dato eng Tradition, dass d'Regierung e Büro agesat huet, fir d'Wahlresultater zentral ze sammelen an da schnellstens déi informell Resultater un d'Vollek an un d'Medië weiderzeginn. Mir kruten hei iwwer Jore gutt Erfahrungswärter, an dës nei Base légale wäert dem Büro an Zukunft ee gudden an effikasse Fonctionnement garantéieren an esou den Zougank zu den Donnéeën erlichteren.

Eng weider Neierung ass, dass d'Gemen-gen hir Wielerlëschte kënnen, nieft der Par-beierform, och op informatesche Fichiere féieren. D'Gestioun an de Suivi kënnen also, dat ass nei, op Pabeier an och um Computer gemaach ginn. Am Gesetz steet awer och, dass während de Kontrollphasë vun de Wielerlëschten dës Lëschte mussen de Bierger virgeluecht ginn, fir dass se Abléck kënnen kréien. Dës Inspektioun kann awer nëmmen op Pabeierform geschéien.

Dann e lescht Element, e siwent, dat ass jo dann dat vun der Notzung vun de Wieler-lëschten, wat jo ugeschwat ginn ass, fir Abusen ze vermeiden. An deem Kontext wëll ech dann och eng Circulaire, wéi de Gilles Roth dat gefrot huet, un d'Gemege maachen, fir dass hei dann och effektiv keen Abus gemaach gëtt.

Schliesslech féiert dëst Gesetz nach net, géif ech soen, den elektronesche Vote an. Et gëtt de Moment nach kee performante System, dat den Uspréch vun de Spezifissitéite vun eiem Wahlsystem, notament dem Panache-age, gerecht gëtt. Et soll ee sech iwwer-leeën, ob een net soll en Aarbechtsgrupp an d'Liewe ruffen, dee sech mat dëser Proble-matik beschäftegt an deen d'Evolutioun vum elektronesche Vote am Ausland am A behält. Sollt emol en zouverlässege sécurisierte Logiciel kommen, wäert ech mech derfir asetzen, dass an Zukunft an de Wahllokaler, an engem sécurisierte Kader, kann elektro-nesch gewielt ginn.

Dat kéint esou fonctionnéieren, dass de Wieler da mat enger Wielerkaart, Stil Lux-Trust, an de Wahlbüro kënnt. Hie stécht déi an e Wahlautomat, esou wéi e Bancomat, an deem Stil, an da kann hie wielen. Ech men-gen, dat géif vill Problemer léisen, notam-ment och dee Problem, deen de Ben Fayot opgeworf huet, vun der Participatioun vun eisen Auslänner oder, besser gesot, de Lët-zebuerger, déi am Ausland wunnen, un de Lëtzebuerger Wahlen. Wa mer eng Kéier esou en elektronesche Vote hätten, gëtt et do vläicht Méiglechkeeten.

Ech wëll hei och an Erënnerung bréngen, dass vum 1. Januar 2011 un eng Carte d'i-dentité électronique ageféiert gëtt. Déi gëtt och méiglech fir d'Auslänner oder fir déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen. Dat ass och e ganz neie Moment, an ech ka mer virstellen, dass, wa mer déi Diskussiounen iwwert den elektronesche Vote wäerte féie-ren, dann och muss gekuckt ginn, wat de Vote par correspondance ënnert där heite-ger Form nach wäert ass oder net méi wäert ass.

Wat ech weess, dat ass, dass et beim Ale bleibt, wat dat aktiivt Wahlrecht ugeet fir 16 Joer al Bierger. Dat ass eng Proposition de loi vum Här Berger, fir den Alter op 16 Joer erofzesetzen, fir dat aktiivt Wahlrecht ze ginn. Hien huet dat fakultativ proposéiert. Ech wëll emol net op de Fong agoen, mä eleng dëse fakultativen Aspekt schéngt mer scho problematesch, well am Fong geholl eist Wahlrecht jo en obligatoresche Charak-ter huet. D'Wielen ass net nëmmen e Recht, d'Wielen ass och eng Fonctioun. Wann et eng Fonctioun ass, da kann een et net à la carte maachen. Duerfir géif ech mengen, déi Diskussioun sollte mer féieren an deenen nächste Méint, awer elo, wéi et elo do um Dësch läit, schéngt et mer kaum ëm-zesetzen.

» **Une voix.** - Här President!
(Coups de cloche de la Présidence et in-terruption)

» **M. le Président.** - Den Här Berger stellt eng Fro, Här Minister.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri-toire.** - Jo.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Här Presi-dent, ech wollt just dem Minister soen, datt mer dat fakultatiivt Wahlrecht jo och schonn zum Deel hunn, wann ech elo un déi Leit denken iwwer 75 Joer. Dat heescht, datt dat also net misst eng oniwwerwindbar Hürd sinn.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri-toire.** - Ech widderhuele mech: Déi Diskus-sioun wäerte mer an deenen nächste Méint féieren, an da gesi mer, awéifern mer kënnen um Fong dat doten aféieren oder net aféieren.

Ech wollt nach e lescht Wuert soen iwwert den Esprit vun deem ganze Gesetz a vun

deem, wat op eis zoukënnt. Mir hunn elo e Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit ge-stëmmt. Bei dësem Gesetz sollt een, wéi dat a ville Beräicher gemaach gëtt, notament am Aménagement du Territoire, e Monito-ring maachen a kucken, wat dat Gesetz vun der duebeler Nationalitéit bréngt, wéi vill Bierger heivu profitéieren, an doraus kann een da vläicht mat aneren Aen déif gräifend Revisiounen hei an eiem Land an d'A faas-sen.

Dat, wat de Jempy Klein gesot huet, d'Gläichgewicht Lëtzebuerger-Auslänner, ass eppes ganz Fragiles. Et därft net sinn, dass de Protektionismus iwwerhandkritt. Dat schéngt mer kloer ze sinn. Mä et därft awer och net esou sinn, dass een - wéi géif ee soen? - oniwwerluecht ze vill grouss Schrëtt mécht. Duerfir sinn ech och éischer een, dee mengt, et soll ee Schratt fir Schratt opmaachen.

Et sollt een also lues awer sécher eise Sys-tem de Gegebenheeten upassen, fir dass een eben d'Gefill kritt, dass Lëtzebuerg e kohärent Wahlgesetz an e kohärente Wahl-system behält.

Dat gesot, géif ech Merci soe fir Är Op-mierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5859. Den Text steet am Do-cument parlementaire ënner 5859 .

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5859 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen, géint 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Mar-tine Stein-Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre

Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wag-ner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés de la proposition de loi N°5575

Nom Vote vum Projet de loi 5859 wëll ech d'Madame Lydie Err an den Här Ben Fayot froen, ob se domat averstane sinn, datt hir Proposition de loi 5575 als evakuéiert be-truecht ass?

(Assentiment)

Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés de la proposition de loi N°5669

Déiselwecht Fro geet dann och un d'Ma-dame Brasseur. Madame Brasseur, sidd Der och averstanen, datt Är Propositioun als evakuéiert betruecht ass?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun der Sitzung ukomm. Muer de Moie kënnt d'Chamber um 9 Auer nees ze-summen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.55 heures)

Jeudi, 18 décembre 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

- 5584 - Projet de loi relatif aux soins palliatifs, à la directive anticipée et à l'accompagnement en fin de vie et modifiant:
 - le Code de la Sécurité sociale;
 - la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
 - la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;
 - le Code du Travail
 - Rapport complémentaire de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydia Mutsch
 - Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Carlo Wagner, Mme Lydie Err, M. Jean Huss, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, Mme Marie-Josée Frank, Mme Colette Flesch, M. Jean-Paul Schaaf (déposant une motion), M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1 (adoptée)
- 4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide
 - Rapport complémentaire de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydie Err (déposant une motion et deux résolutions)
 - Discussion générale: Mme Martine Stein-Mergen, M. Carlo Wagner, M. Alex Bodry, M. Jean Huss

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

SÉANCE 22

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwel-lech Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

D'Regierung huet näischt matzedeelen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann direkt zum éischte Punkt vun eiem Ordre du jour vun haut de Moien, dat ass de Projet de loi iwwert d'Palliativmedezin. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meyers, den Här Wagner, d'Madame Err, den Här Gibé-ryen an d'Madame Frank. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

1. 5584 - Projet de loi relatif aux soins palliatifs, à la direc-tive anticipée et à l'accompa-gnement en fin de vie et mo-difiant:

1. le Code de la Sécurité so-ciale;

2. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

3. la loi modifiée du 24 dé-cembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

4. le Code du Travail

Rapport complémentaire de la Commis-sion de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP), rappor-trice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun zéng Méint, den 19. Februar 2008, hu mir hei an der Chamber de Projet de loi iwwert d'Soins palliatifs an d'Proposi-tion de loi iwwert d'Stierfhëllef diskutéiert a gestëmmt, een a mengen Ae memorabelen Dag an der Parlamentsgeschichte. Dee Schratt ass net manner gewichtig ginn, no-deems sech erausgestallt huet, dass mer missten déi Texter iwwerschaffen an une-neen upassen. Och d'Evenementer an de leschte Wochen, d'Précipitatioun iwwert d'Ännerung an der Constitioun, op déi ech hei net wëllt agoen, hunn der Bedeitung vun deenen zwee Texter keen Ofbroch gedoen.

D'Gesondheetskommissioun vun der Chamber ass zënter deem Vote net manner wéi eefmol op en Neits zesummekomm, fir intensiv u béiden Texter ze schaffen, fir eventuell Incompatibilitäten tëscht dem Projet de loi iwwert d'Palliativmedezin an der Proposition de loi iwwert d'Stierfhëllef aus dem Wee ze schafen a béid Texter, do wou et néideg war, nach eemol ze iwwer-schaffen. Ech mengen, dass dobäi eng ganz gutt Aarbecht geleescht ginn ass.

Ech wëll op dëser Plaz als Rapporteur net nach eemol op d'Detailer vum Projet de loi iwwert d'Soins palliatifs agoen - dat hu mer den 19. Februar schonn ausféierlech ge-